# Zwangsaarbechter

De Federatiounscomité huet et och an der Fro vun der Entschiedegung vun den Zwangsaarbechter als seng Flicht ugesinn, d'Rechter vu senge Memberen unzemellen an ze verdeedegen.

Ganz kloer soen d'Statute vun der „Association des Enrôlés de Force, Victimes du Nazisme", publizéiert am Mémorial Nr. 81 vum 14.12.1960, am Artikel 3:

L'Association a pour objet:

a) d'honorer ... ... ...

b) de défendre tant à l'intérieur qu'à l'étranger les intérêts moraux et matériels de ses membres.

Dofir huet den Zentralcomité schon zënter méi wéi zwee Joer d'Verhandlungen an Däitschland resp. an Amerika iwwer dës Problematik opmierksam verfollegt an och verschidde Korrespondenze mat den zoustännegen Instanze gefouert.

No laange Verhandlungen huet den 12. August 2000 den Däitsche Bundestag d'Stëftung „Erinnerung, Verantwortung und Zukunft", duerch Gesetz an d'Liewe geruff.

De Kuratorium vun der Stëftung huet déi international Organisatioun fir d'Migratioun OIM oder IOM chargéiert, sech mat den Entschiedegunge *fir déi net jiddesch Affer* ze befaassen. Fir Judden ass d'„Conference on Jewish Material Claims Against Germany" zoustänneg.

Den Haaptsëtz vun der OIM (mat deër mir Kontakt hunn) ass zu Genève, zu Bréissel ass eng Filial, déi awer elo provisoresch och ee Büro zu Lëtzebuerg opgemach huet. Dës Büroe sinn op 43, boulevard Roosevelt (niewent dem Pass- a Visasbüro) a si vu Méindes bis Freides vun 9 bis 13 Auer op fir de Public. D'Telefonsnummer ass 46 74 80 an d'Faxnummer 46 74 81. Dës Büroe gi geréiert vun zwou Lëtzebuerger Dammen, der Mme Marlene Meyer a Patricia Romersa. Hire Chef ass d'Madame Trang T. M. Nguyen, Head of Administration and Finance Section vu Bréissel. Einstweile besteet deene Leit hir Missioun doranner, d'Adresse vun de „Requéranten" ze notéieren an zousätzlech verschidden Informatiounen ze froen, fir da spéider den Demandeformular ze verschécken. Dëse Formular (a wat fir enger Sprooch?) ass nach net disponibel. Kloer ass awer, dass all Zwangsaarbechter eng formell Demande mat deene gefuederten Informatiounen ausfëlle muss.

Bis den 31. August 2001 huet een Zäit, fir dësen Antrag ze stellen. Fir de Moment stinn nach eng Rei vun administrative Froen op, wéi zum Beispill Décisioune vun der OIM respektiv dem Kuratorium, *wéini a wéi entschiedegt gëtt.* De Federatiounscomité féiert dës Verhandlungen op Grond vun den Informatiounen aus deene bekannte Froebéi an informéiert seng Memberen iwwer de Bulletin „Les Sacrifiés" resp. d'Press.

Natierlech ass et awer jidderengem fräigestallt, op eegen Initiativ seng Rechter ze sichen an ze verdeedegen.

## *ZWANGSAARBECHTER*

An onse Verhandlunge mat den zoustännegen Instanzen iwwert d'Zwangsaarbechter an Entschiedegung laut däitschem Gesetz vum 12. August 2000 kommen no onsen Iwwerzeegungen dräi Kategorië vu Lëtzebuerger Enrôlés de force a Fro!

1. D'Meedercher, déi an den RAD an an de KHD gezwonge goufen (1924-1927)
2. D'Meedercher, déi an den RAD gezwonge goufen (1920-1923)
3. D'Jongen, déi an den RAD gezwonge goufen (1920-1927)

Vun der 1. an 2. Kategorie hu mir bis elo genuch Diskussiounsënnerlagen, ausgefëllte Froebéi. Fir d'Jonge musse mir elo och Lëschten opstellen, an dofir biede mir den nostoende Froebou auszefëllen, auszeschneiden, an un d'Federatioun zréckzeschécken. De Federatiounskomitee kann natierlech nëmmen am Numm vu senge Membere verhandelen.

Wann awer nach Nëtmember un dëser Aktioun deelhuele wëllen, sollen déi entspriechend Sektiounen eng Kopie vun dësem Froebou maachen, an ausgefëllt un d'Federatioun schécken, an dem betreffende Komerod eng Memberkaart ginn.

**Froebou iwwer d'Zwangsrekrutéierung vun de Lëtzebuerger Jongen an den RAD, déi nom 15. Februar 1999 nach um Liewe waren.**

Numm ......MEDINGER...... Virnumm ......René......

Gebuer zu ......ESCH/ALZETTE...... den ......16. 02.1926.

Aktuell Adress 33, rue Barbourg L-4022 ESCH/ALZETTE Décédé le 14.03.1999.

Am RAD zu ...... vu 19.07.1944. bis 18.11.1944.

Wat ass do geschafft ginn? ......Travaux paysanales.

......

Ech si Member vun der Sektioun ......Enrolés de Force / ESCH/ALZETTE

ESCH/ALZETTE le 04.01.01. ...... Mme Vve Medinger René Medinger Anne
(Uertschaft + Datum) (Ënnerschrëft)

**Zréckschécken un: Fédération des Victimes du Nazisme Enrôlées de Force, B.P. 2415, L-1024 Luxembourg**



22/02/01 a

**aufforderung**

Esch- -Alz., den 17. Feb. 1944 194

aufgefordert, sich am

Feb. 1944 194 , vormittags — ~~nachmittags~~ 2.30 Uhr,

in Esch- -Alz. Beleserstrasse Franziskanerheim
(Ort und Lokalangabe)

pünktlich zur Musterung einzufinden.

Wegen der mitzubringenden Papiere, der Strafbestimmungen bei Versäumnis der Musterung und sonstiger Einzelheiten wird auf die öffentliche Bekanntmachung verwiesen.

Der Bürgermeister:
Im Auftrag

[signature]

---

Luxemburg, den 14.7.44.

Betr.: Einberufung zum RAD.

Der Gestellungsbefehl ging Ihnen bereits durch Einschreiben zu .
Sie haben aber nicht um 16,00 Uhr, sondern bereits um 12,00 Uhr am 19. Juli 1944 Bahnhof Luxemburg Rote Kreuz Verpflegungshalle sich einzufinden.

[signature]

Arbeitsführer.

Ortspolizeibehörde
**Esch- -Alz.**

Betreff:
**Musterung**

1/4

**Kova-Druck 3030.** (91542)
Kommunalschriften-Verlag J. Jehle,
München 43 — Berlin W 9 N 0012

**Postkarte**

An Herrn

Reinhard M e d i n g e r

in Esch/Alzig

Ledigenheim Hs.-Nr. 16

---

**Reichsarbeitsdienst**
Der Leiter des Meldeamtes 194
**Luxemburg**
Adolf Hitlerstr. 38 II

Reichsarbeitsdienst Briefstempel
Meldeamt 194 Luxemburg
Frei durch Ablösung Reich

**POSTKARTE**

LUXEMBURG 2
14.7.44.-19
a

An den

Dp. Reinhard Medinger

E sch-Alzig
============
Leninenheim